



iwwert den Ensemble vum Projet de loi 6642 iwwergeen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6642 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6642 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Jean-Claude Juncker (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert);

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Losché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

► **Une voix.** - Neen!

(Assentiment)

► **M. le Président.** - Et ass eng iwwerzeegend Majoritéit,...

(Hilarité)

► **Une voix.** - Iwwerzeegend net!

► **M. le Président.** - ...déi Jo seet.

Mir géifen dann zur Motioun iwwergeen, déi ech als genügend motivéiert ugesinn. D'Regierung huet och Stellung bezunn.

Wëllt nach eng vun de Fraktiounen dat maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer zum Vote iwwert d'Motioun iwwergeen.

Vote sur la motion 1

De Vote ass ofgeschloss an d'Motioun ass ofgelehnt mat 54 Nee-Stëmmen, géint 5 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Losché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Voilà, da géife mer zum nächste Projet oder zum viregte Projet, wéi et besser géif heeschen, iwwergeen. Dat ass de Projet 6643, eng Konventioun iwwer eng géigesäiteg administrativ Hëllef am Fiskalberäich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An den Här Guy

Arendt, den honorabele Rapporteur, huet d'Wuert.

12. 6643 - Projet de loi portant approbation de la Convention concernant l'assistance administrative mutuelle en matière fiscale et de son protocole d'amendement, signés à Paris, le 29 mai 2013 et portant modification de la loi générale des impôts

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, dëse Projet de loi ass de 6. Januar vun dësem Joer vum aktuelle Finanzminister déposéiert ginn. Et geet dobäi ëm d'Approuvéiere vun, éischtens, enger Konventioun iwwert déi géigesäiteg Verwaltungshëllef am Steuerberäich an zweetens vum zousätzlechen Annerungsprotokoll, déi alle béid den 29. Mee 2013 zu Paräis vu Lëtzebuerg ënnerschriwwen goufen an Ännerungen um allgemenge Steiergesetz virgesinn.

D'Beruffskummer huet hiren Avis den 30. Januar 2014 eraginn, an d'Aarbechterkummer de 6. Februar 2014. De 25. Mäerz huet de Statsrot sech de Gesetzesprojekt ugekuckt a säin Avis dozou ofginn. An den 22. Abrëll huet d'Cofibu sech mam Gesetzestext ausenanergesat an den Avis vum Statsrot diskutéiert. De schréffleche Rapport ass den 29. Abrëll an der Kommissioun ugeholl ginn.

Här President, ech gi kuerz op déi Konventioun an den Annerungsprotokoll an, déi duerch dëse Gesetzesprojekt approuvéiert solle ginn. D'Konventioun ass souwuel vum Conseil de l'Europe an der Organisatioun fir déi wirtschaftlech Kooperatioun an Entwécklung - OCDE - ausgeschafft ginn. Et geet heibäi ëm d'Transparenz an ëm den Informatiounsautausch, wat d'Steieren ugeet, mat dem Zil, eng gréisser Zesummenaarbecht tëschent den Autoritéite vun de beträffene Länner ze erméiglechen.

Dës Konventioun setzt e multilaterale Kader, deen et de Länner erlaabt, géint den internationale Steuerbedruch virzegoen, andeems eng ganz Rei vu Froen am Zesummenhang mam Informatiounsautausch am Beräich vun de Steiere festgeluecht ginn. Et handelt sech heibäi ënner anerem ëm d'Zoustellung vun de respektiven Dokumenter an dem Recouvrement vun auslännescher Steierschold. Den Informatiounsautausch ka sech entweder per Ufro oder duerch eng automatesch Prozedur oder op eng spontan Manéier maachen.

Ech wëll elo hei net weider op déi technesch Detailer agoen, mä dës Konventioun ass 1988 fir d'Länner vun dësen zwou Organisatiounen, dem Conseil de l'Europe an der OCDE, opgemaach ginn. 2010 ass se dunn duerch deen ernannten Annerungsprotokoll ofgeännert ginn, an zwar éischtens, fir hire Contenu op eng international unerkannten Norm unzepassen, an zweetens, fir se fir Länner opzemaachen, déi weder an der OCDE nach am Conseil de l'Europe representéiert sinn. Dës adaptéiert Norm ass souwuel vun OCDE-Länner wéi och Net-OCDE-Länner ausgeschafft ginn, déi sech am Kader vum Weltforum zur Transparenz an dem steierlechen Informatiounsautausch gesinn hunn. Si ass soumat international unerkannt a steet och am Artikel 26 vum Modell vun der OCDE-Steier-Konventioun.

Här President, Lëtzebuerg huet dës Konventioun an den Annerungsprotokoll den 29. Mee 2013 zu Paräis ënnerschriwwen. Dës Instrumenter ginn eisem Land ënner anerem d'Méiglechkeet, fir Steieren (Impôts) an Abgaben (Taxen) ausserhalb vun eisem Territoire ze recouvréieren an domadder eis aktuell Kompetenzen ze erweideren.

Da wëll ech och nach kuerz méi speziell op den Artikel 30 vun der Konventioun agoen, well dëse fir eist Land vu Wichtegkeet ass. Dësen Artikel erlaabt et de Signatairen, prezis definéiert Reserven ze formuléieren. An dësem Kader entscheet Lëtzebuerg sech, eng Rei vun Ausnahmen virzugesinn, wat den Informatiounsautausch bei Steieren ugeet. Domadder ass d'Unzuel vun de Steierkategorien, déi duerch dës Konventioun beträff sinn, limitéiert op folgend Steieren: den Impôt sur le revenu des personnes physiques, den Impôt sur le revenu des collectivités, den Impôt sur la fortune an den Impôt commercial communal.

Souwuel d'Handwierkerkummer wéi d'Aarbechterkummer an de Statsrot begreissen dëse Gesetzesprojekt. Sou wéi dat och am Koalitiounsaccord ze liesen ass, setzt Lëtzebuerg sech fir d'Transparenz a Steierfroen a géint den internationale Steuerbedruch an a schafft dofir mat anere Länner zesummen, sief dat an der EU oder an der OCDE.

Dës Konventioun ass vu ganz ville Länner ënnerschriwwen ginn, ënner anerem vun all de G20-Staten an de BRICS-Länner, déi sech elo ëmmer méi entwéckelen. Dëse Gesetzesprojekt verankert eist Land an enger internationaler Communautéit, déi op Transparenz bei Steierfroen setzt.

Här President, ech wëll op dëser Plaz dann nach dem Finanzminister Merci soe fir déi gutt a schnell Zesummenaarbecht mat der Chamber. An dat gesot a mat der Hoffnung, dass d'Chamber dësem Gesetzesprojekt hir breet Zoustëmmung ausschwätzt, bréngen ech heimadder och den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem virleiden Text.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Arendt. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Ganz kuerz, ech wëll dem Guy Arendt Merci soe fir säi schrëfflechen a mündleche Rapport. Hien huet ënnerstrach, dass dat hei e wichtege Projet de loi ass fir de Ruff vun eisem Land a besonnesch vun eiser Finanz- a Bankplaz. An ech wëll och soen, dass mir als CSV zu enger propperer Bankplaz Lëtzebuerg stinn an dass fir eis och Steierflucht a Steuerbedruch keng Kavaliérsdelikter sinn.

Wat eigentlech dës Konventioun als Ursprung huet, ass dee faméis G20-Sommet zu London vun 2009, wou eist Land praktesch iwwer Nuecht op eng sougenannten „gro Lëscht“ vun deenen net kooperatiounswëllege Steierparadäiser gesat gouf. An do huet de fréiere Finanzminister zesumme mat de Beamten aus de Ministère gekuckt, fir esou schnell wéi méiglech eng ganz Rei vun Duebelbesteierungsofkommissen ofzeschlëssen, déi och schonn déi heite Kooperatiounsstandarden zur Basis haten.

Kuerz e Wuert zu deem, wat den Inhalt vun dëser Konventioun ass, nämlech, éischtens, kann eng Notifizéierung vun engem Steuerbescheid vun enger Lëtzebuerger Steierverwaltung direkt an engem vun deene 60 Signataireslänner gemaach ginn. Dat ass eng wesentlech administrativ Vereinfachung. Et setzt natierlech viraus, dass déi Länner och akzeptéieren, dass esou eng vereinfacht Notifikatioun gemaach gëtt.

Zweetens spillt dës Konventioun och fir d'Andeiere vun enger Steierschold. An do wëll ech nach eng Kéier dran ënnersträichen, dass mir et begreissen als CSV, dass och mat dëser Konventioun op engem internationale Plang dee sougenannten „information fishing“ net méiglech ass. Et geet also net, dass einfach eng Steierverwaltung aus engem vun deenen anere Signataireslänner op Lëtzebuerg eng Notifizéierung mécht a seet: Macht Dir eng Saisie toutes banques! Ech mengen, wann eng Steierschold am Ausland ufällt an déi Steierverwaltung aus dem Ausland der Meinung ass, dass zu Lëtzebuerg Sue sinn, déi misste saiséiert ginn, da ka se dat maachen, mä si muss ganz kloer soen, op wat fir enger domat genannter Bank dës Saisie sollt gemaach ginn.

Datselwecht zielt fir den Informatiounsautausch. Dee kann nëmme geschéien no eisen interne Prozeduren, wéi se an engem Gesetz vun 2010 stinn, vun deem dee leider verstuerwenen Här Thiel, de Lucien Thiel, deemools Rapporteur war, wou déi genee Prozedur virgesinn ass, no wat fir enge Kritären eng Steierverwaltung kann Informatiounen bei enger Bank anhuelen. An do ass och fir dee Beträffenen eng Recoursméiglechkeet ginn.

Eng lescht Saach ass déi, dass, och wann dat hei ganz héich Kooperatiounsstandarde sinn, fir d'Lëtzebuerger an déi Leit, déi hei residéieren, selbstverständlech d'Bankgeheimnis wäert bestoe bleiven. Et soll een och dat eng Kéier kloer ënnersträichen, an zu deem sti mir och als CSV, well fir eis d'Bankgeheimnis och en Deel Schutz vun der Privatsphär vun deem Eenzelnen ass.

Eng lescht Remarque ass déi: De Guy Arendt huet preziséiert, dass dës Konventioun sech applizéiert fir Lëtzebuerg mat deene Reserven, déi déi fréier Regierung gemaach huet, mä ech mengen, déi breet gedeelt ginn, nämlech sech ausschliisslech op d'Personebesteuerung, d'Betriebsbesteuerung, d'Gewerbesteuer an d'Vermögenssteuer applizéiert. Net dovunner beträff si wéi gesot d'Grundsteuer a virun allem och d'Ierfschaftssteuer.

Mat deenen Observatiounen ginn ech selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Roth. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Här President, fir och den Accord vun eiser Fraktioun hei eranzebréngen, wat déi heite Konventioun ugeet,

bei där een e bëssen awer, wann een d'Geschicht kuckt vun där Konventioun an d'Assumatioun vu Lëtzebuerg zu där Konventioun, gesäit, dass et ënnert dem Drock vun Evenermenter zu engem lichte Paradigmewissel komm ass an der Lëtzebuerger Politik.

Et ass jo awer frappant, dass d'Grondkonventioun schonn zënter dem 25. Januar 1988 besteet an dass et gedauert huet bis 2013, also genau 25 Joer, bis Lëtzebuerg d'Konventioun selwer an dann och en Amendement, deen 2010 gemaach ginn ass, eigentlech ënnerschriwwen huet. Dat beweist, dass während laange Jorzéngten eigentlech Lëtzebuerg hei wéineg Interessi hat un deenen heite Regeln, och wa mäi Virriedner déi elo als ganz positiv duergestallt huet.

Op jidde Fall muss ee feststellen, dass déi successiv Lëtzebuerger Regierungen, soubal et ëm d'Fro vun enger Kollaboratioun tëschent Steierverwaltunge gaangen ass, egal fir wat fir eng Steieren, eigentlech éischter d'Tendenz haten, fir ewechzekucken, wéi fir déi doten Texter ze ënnerschreien.

Mir wëssen, dass sech do d'Welt an deene leschte Jore geännert huet, dass mer ënnert dem Drock vun all méiglechen internationalen Organismen, GAFI an ähnlechen, eng ganz Rësch vun Efforte gemaach hunn, fir eis konform ze setzen zu ëmmer méi contraignant internationalen Regeln.

An ech mengen eigentlech, dass dat do dee richteg Wee ass, dee mer do ginn, och wa mer als Lëtzebuerger Land deen dote Wee net ganz fräiwëlleg ginn, dat wësse mer allegueren heibäi. Ech mengen, et ass awer richtig, dass mer deen Accord hei esou och guttheeschen an dass mer och déi Reserven do als Lëtzebuerg mat agebaut hunn.

Ënnert deene Virbemerkungen, wéi gesot, den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu deem heite Projet de loi.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bodry. Nächste Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Jo, Merci, Här President. Just, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir säi schrëfflechen a mündleche Rapport an den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Loschetter. Dann ass nächste Riedner den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech mengen, et ass awer wichteg, drop hinzewiesen, datt dat heiten eng Konventioun ass, déi net nëmme vun der EU, mä och vun der OECD an och vum Conseil de l'Europe gedroe gëtt. Ech mengen, et ass eng Konventioun, déi vun '88 un usteet, wéi den Alex Bodry dat elo richtig gesot huet, an déi wierklech laang gebraucht huet, fir ëmgesat ze ginn. Déi am Fong geholl ee Bäitrag soll sinn zur Transparenz a Steierfroen; dat heescht, ee wesentleche Bäitrag, fir Steierhannerzéiung ze verhënnere.

An do sinn dräi Outilen virgesinn, dräi Moyene virgesinn: Dat eent, dat ass Informatiounsautausch, dat Zweet ass d'Zoustellung vun Dokumenter, prezisen Dokumenter, an dat Drëtt, dat ass d'Anzéie vu Steierscholden. Lëtzebuerg ass elo praktesch op dee leschte Wagon gespronge vum leschten Zuch, fir do nach derbäi ze sinn, zesumme mat enger ganzer Rei anere Länner, a fir domadder am Fong geholl ze éviéieren, datt Lëtzebuerg erëm op déi gro Lëscht kënnt vum Forum mondial, wat d'Transparenz géint Steierhannerzéiung ugeet.

Wat awer wesentlech ass an där Konventioun, déi mer elo hei virleien hunn, haaptsächlech net an der Konventioun, mä am Projet de loi, dee mer hei virleien hunn, dat sinn d'Reserven, déi Lëtzebuerg umellt. Lëtzebuerg seet, si géife keng Hëllef bidden, iwwerhaapt keng Assistenz bei beispillsweis engem ganze Beräich, bei engem ganzen Deel vu Steieren, zum Beispill bei Sozialversécherungen, Successiounen, Donatiounen, Propriétés immobilières, TVA an esou weider an esou fort, déi do opgezielt sinn.

Elo kann ee soen, datt an der EU aner Instrumenter besti fir deen Informatiounsautausch. Awer nëmmen an der EU! Mat der Schwäiz, mat Liechtenstein an esou weider verzichte mer also op eng Assistance en matière de transparence vun de Steieren. Mir verzichten also do, aktiv eis un der Steierhannerzéiung ze bedeelegen (veuillez lire: aktiv eis un der Bekämpfung vun der Steierhannerzéiung ze bedeelegen).

An da gëtt et een zweete Volet, wou iwwerhaapt keng..., pardon, wou et eng ageschränkten Hëllef gëtt, nämlech déi, fir bestëmmten Dokumenter auszeliwweren a Steierscholden anzederweien. Dat ass déi op de Revenuen, op den Impôts sur revenu a Benefiss, „en gain en capital“ an „en actif net“, awer nëmmen, wa se



vu State kommen. Wann et sech ëm departemental, politesch Departementer handelt, wéi Länner an Däitschland oder Departementer a Frankräich, da maache mer erëm keng Hëllef. A wann et sech ëm d'Collectivité locale handelt, maache mer och keng Hëllef. A mir maachen och keen Échange d'informations, mä mir beschränken eis drop, wa Steierscholde gefrot si ginn, fir déi anzezéien a fir ganz prezis Dokumenter auszestellen.

Dat Ganzt ass also esou minimalistesch, wéi een et nëmme ka maachen. Esou minimalistesch, wéi een et nëmme ka maachen! Dat Ganzt ass ee Schwäizer Kéis. Awer ee mat esou grouse Lächer, datt eigentlech näischt méi iwwreg bleift vum Kéis.

Ech froen d'Regierung: Wéi wëllt...

(Interruption et hilarité)

Wéi wëllt ee mat enger Pasette engem Duuschtreg Waasser ginn? Esou ass dee Projet hei. An eigentlech ass dat kee reelle Bäitrag vu Lëtzebuerg géint Steierhannerzéiung. Mat där do Aart a Weis, fir géint Steierhannerzéiung virzegoen oder net virzegoen, géif Lëtzebuerg eigentlech weider op déi gro Lëscht vum Forum mondial gehéieren.

Merci.

► **M. le Président.**- Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun. D'Wuert huet d'Regierung.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech schlësse mech de Wiederer u a soen dem Guy Arendt Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Den Här Gramegna huet mer d'Wuert ginn. An ech ginn et och eriwwer, datt d'Regierung näischt méi dozou ze soen huet a sech uneschléist un déi breet Majoritéit, déi dann elo wahrscheinlech heibäi erauskënn.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Nagel. A mir géifen dann iwwert de Projet 6643 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6643 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

Et hu 56 Deputéiert un der Ofstëmmung direkt oder indirekt deelgeholl. 54-mol Jo an zweemol Neen. Domat ass de Projet 6643 ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6643 est adopté par 55 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Félix Eischen), MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Octavie Modert), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz et Claude Wiseler;

MM. Marc Angel (par M. Franz Fayot), Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Eugène Berger), Mme Simone Beissel (par M. Lex Delles), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Christiane Wickler;

MM. Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

Als leschte Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer d'Question avec débat n°1 (veuillez lire: Question élargie n°1) vum Här Marc Lies iwwert d'Unzuel vu Wunnengen, déi am Kader vum Pacte Logement gebaut gi sinn. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. D'Regierung huet

duerno zéng Minutten zur Verfügung. D'Wuert huet den Här Marc Lies.

13. Question élargie n°1 de M. Marc Lies sur le nombre de logements achevés dans le cadre du Pacte Logement

► **M. Marc Lies (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Minister, déi mer och de Mëtten da ganz häerzlech hei begréissen, wäert jo elo sécher haut, no dräi Méint gedëllegem Waarden an nodeems d'Madame Minister dann effektiv virun enger Woch eis net op dës - vun där mer awer mengen - einfach Fro konnt oder wollt äntwerfen, datt mer haut eng detailléiert a fundéiert Äntwert kënnen kréien...

(Interruption)

...op dat, wat dann...

Här Berger, huet een lech eppes gefrot?

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Wann ech gelift!

► **M. Marc Lies (CSV).**- ...déi ominéis Zuel vu 7.300...

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Wann ech gelift! Wann ech gelift! Wann ech gelift! Mir loosse den Riedner schwätzen. An den Här Riedner adresséiert sech un d'Chamber an u soss keen.

► **M. Marc Lies (CSV).**- Merci, Här President.

► **M. Eugène Berger (DP).**- An dat op eng manéierlech Aart a Weis.

► **M. Marc Lies (CSV).**- Formidabel.

(Brouhaha)

► **M. le Président.**- Sou, an elo ënnerbrieche mer de Riedner net méi.

► **M. Marc Lies (CSV).**- ...eng detailléiert a fundéiert Äntwert kënn ginn op déi ominéis Zuel vu 7.300 Wunnengen, déi zënter Ufank vum Pacte Logement nëmme solle gebaut gi sinn.

De Wunnengsbau, ech mengen, dat wësse mer allegueren hei am Land, ass eng Haaptprioritéit, net nëmme vun dëser Regierung, mä, ech mengen, eng Préoccupatioun vun allegueren de Leit hei am Land.

An dësem Kontext soll och de Pacte Logement op seng Effikassitéit hin iwwerpréift a wann néideg ugepasst ginn. An deene leschte Jore kouw et hei zu Lëtzebuerg zu enger richteger Explosioun, wat d'Populatioun ugeet, dëst sécherlech bedéngt duerch dat favorabelt wirtschaftlecht Ëmfeld vun eisem Land, sécherlech awer och bedéngt duerch d'Schuldekris hei an Europa, ënnert där notament eng Rei südeuropäesch Länner extrem leiden.

Zënterdeem datt de Pacte Logement a Kraaft getrueden ass, goufe knapp iwwer 200 Milliounen un d'Gemengen ausbezuel. Suen, mat deenen nei Schoulen, Maisons relais, effentlech Equipementer a Sozialwunnenge konnte finanziert ginn. Suen, déi an d'Weiderentwécklung vun eisem Land gefloss sinn. Suen, déi och eiser Wirtschaft während Krisenzäiten zeguttkomm sinn.

D'Madame Minister stellt de Pacte Logement a Fro, well am Zäitraum 2008 bis 2013 nëmme eng 7.300 Wunnenge realiséiert gi wieren. Eng Zuel, déi der Realitéit net entsprécht. Op Nofro hin an der zoustänneger Chamberskommissioun, wéi d'Madame Minister un déi Zuel géif kommen, bleift si eis bis haut eng konkret a fundéiert Äntwert schëlleg.

Mir als CSV-Fraktioun kënnen eis net domadder zefridde ginn, datt dës Pressebriefing vum 7. Februar iwwert de Pacte Logement nëmme sollt als Muntermacher respektiv als Bashing un de Gemengen an un der viregter Regierung déngen.

Ech wëllt hei rappéléieren, datt de Minister Schank an de Joren 2010 an 2012 e Pèlerinage duerch d'Gemengen, oder, wéi d'Madame Minister et seet, säi Piedchen duerch d'Gemenge getréppelt huet an hei eng ronn honnert Prozent vun de Gemenge konnt sensibiliséieren, datt se méi aktiv sollen an de Wunnengsbau investéieren.

Mir sinn iwwerzeegt, datt de Pacte Logement een effikass Instrument ass a verweisen dofir op d'Zuele vum Statec. De Statec seet nämlech, datt am Zäitraum vun 2007 bis 2011 insgesamt 16.193 Wunnengen entstane sinn. An de Joren 2012 an 2013 goufe 5.724 Baugehemegungen an de Gemengen ausgestellt.

Also, an deem Zäitraum, wou de Pacte Logement bis elo leeft, an awer ouni déi retroaktiv Gemengen, déi virun 2007 bäigetruede si respektiv dem Pacte Logement unhänken, ze considéieren, sinn 21.917 nei Logementer

fäerdeggestallt respektiv amgaange fäerdeggestallt ze ginn. Dat wieren der dräimol méi, wéi d'Madame Minister behaupt huet, an et wier een domadder och nach bal där reeller Demande u Wunnenge gerecht ginn.

Fir datt mir an dësem Beräich an Zukunft déi richteg Konklussioun kënnen zéien, wëll ech der Madame Minister folgend Froe stellen:

Stellt d'Madame Minister déi offiziell publizéiert Zuele vum Statec iwwert déi fäerdeggestallte Wunnengen a Fro? Jo oder neen?

Wou kënnt d'Madame Minister un déi Zuele vu 7.300 Wunnengen? Wéi goufen déi Zuelen erhuewen an op wat fir eng Source gouf sech hei baséiert?

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Lies. Domat huet d'Wunnengsbauministesch, d'Madame Maggy Nagel, d'Wuert.

► **Mme Maggy Nagel, Ministre du Logement.**- Här President, honorabelen Här Deputéierte Marc Lies, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn am Fong allen zwee recht, bei deem, wat mer gesot hunn, deem, wat Dir elo gesot hutt, an deem, wat ech déi lescht Zäit gesot hunn. An et misst jo awer keen anere besser wéi Är Partei wëssen, wéi dee Pacte Logement entstanen ass, wéi en ugepaakt ginn ass a wou mer do stinn. Et deet mer just leed, datt elo mäi Virgänger, de Marco Schank, net méi am Sall ass, well deen hätt mer missen elo hei recht ginn an och mam Kapp Jo wénken.

Zu Är Fro, zu Är Question élargie. Am Kader vun engem realistesch Calcul vun der Zuel vun de Wunnengen, déi fäerdeggestallt gi si säit dem Akraaftriede vum Gesetz Pacte Logement vum 22. Oktober 2008 muss een an däréi een net vergiessen, datt déi eenzeg Obligatioun vun deenen 98 Gemengen, déi d'Konventioun ënnerschriwwen hunn, ass a wor, e Minimum vu 15% Wuesstum vun der Populatioun ze erreechen, an dat bannent enger Periode vun zéng Joer.

D'Fichieren, déi d'Gemengen als Annex vun der Konventioun hu missen erarechen, notament iwwert d'Wunnengsbauprojeten, déi fäerdeg waren, haaptsächlech fir déi 33 Gemengen, déi retroaktiv 2003 bis 2013 dës Pakt ënnerschriwwen hunn, oder déi an der Maach wore respektiv déi nach sollte realiséiert ginn, déi Wunnengsbauprojete waren a sinn nach ëmmer purement à titre indicatif.

Wouer ass, datt eent vun den Haaptziler vum Pacte Logement war an och nach ass, d'Offer vun de Wunnengen ze erhéien an esou d'Präisser um Wunnengsmaat no ënnen ze impaktéieren. Dofir ass et och legitim, d'Zuel vun de Wunnengen ze determinéieren, déi effektiv bis elo gebaut gi sinn am Kader vum Pacte Logement.

Engersäits hu mer d'Zuele vun enger Statec, anersäits hu mer d'Zuelen aus dem Ministère, déi virleien. An dat sinn déi Zuelen, déi fir mech maassgebend sinn. D'Zuel vu 7.300 fäerdeggestallte Wunnengen, déi ech während dem Pressebriefing vum 7. Februar an der Logementskommissioun vum 26. Mäerz genannt hunn, ass eng Statistik, déi baséiert op de Listing vum de Wunnengsbauprojeten, déi d'Gemengen eis an de Ministère eragereecht hunn an déi en principe am Kader vum Monitoring 2011 aktualiséiert goufen.

Or, déi Listing sinn 2011/2012 ni iwwerpréift ginn, wat meng Leit mer am Ministère gesot hunn, wat d'Exactitude vun de Projeten ubelaangt.

► **Une voix.**- Aha!

► **Mme Maggy Nagel, Ministre du Logement.**- D'Utilitéit vun den Angabe wor haaptsächlech, fir kënnen ze moossen an ze estiméieren, ob déi jeeweileg Gemenge capabel waren, an där Periode vun zéng Joer de Wuesstum vu 15% ze erreechen. D'Chifferen an d'Projeten, déi d'Gemengen also uginn hunn, mussen also mat grousser Virsicht gekuckt ginn, vu datt se ni réellement iwwerpréift gi sinn.

Am Kader vum Monitoring 2014, deen elo Enn dëst Joer virgestallt gëtt, wäert eng Analys an e Contrôle vun de realiséierte Projete gemaach ginn, an dat duerch engersäits dem Checke vun den Angabe vun de Gemengen, wat d'PAP-Projeten ubelaangt, déi opgeléicht ginn, an anersäits duerch d'Kräize vun de Loftbiller 2013 mat de Kaarte vun 2007 an 2010, fir esou erauszefannen, op wéi eng eidel Parzellen eppes gebaut ginn ass, sief dat Haier oder Résidences.

En plus, dank deenen detailléierte Populatiounsichieren, déi d'Gemengen am Kader vum Monitoring 2014 mussen eraginn, wäert et dann eréischt méiglech sinn, zimlech genee erauszefannen, wéi vill Leit an deene realiséierte Wunnengen effektiv wunnen. Dës ganz

Aarbecht vu Recoupage vun de Kaarte respektiv d'Ausrechnungen, wéi vill Leit do wunnen, gëtt vum Observatoire de l'Habitat och gemaach.

Dës Woch gëtt de Courrier fir de Monitoring preparéiert an da geet e bei den Intérieur pour avis a spéitstens Enn nächster Woch kann e fortgeschéckt ginn. D'Gemenge kréien zwee Méint Zäit, fir ze äntwerfen, soudatt mer ab dem Summer d'Donnéeën am Ministère kréien an dann eréischt kënnen ufänken ze schaffen an, wéi ech uganks gesot hunn, Enn des Joers déi definitiv Chiffere kënnen presentéieren.

Richtig ass et, datt mer intensiv un deem schaffen, wat ech och schonn e puermol gesot hunn, dat heescht: Mir hunn de Pacte Logement a Fro gestallt. Mir hunn en Avis juridique gefrot. Et gëtt en Aarbechtsgrupp vum Syvicol, a mer sinn amgaangen, eng ganz Rei Pisten opzezechnen, wéi mer dee Pacte Logement kënnen der aktueller Situatioun upassen.

Wat de Statec elo seet, ass déi eng Saach. Ech hale mech als Minister vum Logement un déi Chifferen, déi ech virleien hunn. A wann Der e bësselche Gedold hutt, ech mengen, no deem Monitoring 2014 Enn des Joers, da si mer eis allegueren eens, an da gesi mer déi richteg Chifferen. An da sinn ech erëm ganz gare prett, fir heihinnerzekommen a fir eng Diskussioun mat lech ze féieren.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Minister. Den Deputéierten, den Här Marc Lies, huet d'Recht, eng Zousazfro ze maachen.

► **M. Marc Lies (CSV).**- Madame Minister, ech mengen, Dir sot eis elo, datt souwuel deen ee wéi deen anere recht huet. Gutt, ech mengen opgrond vun engem Dokument, dat och am Ministère erstallt ginn ass, wat ufanks Februar der Press zoukomme gelooss ginn ass, do steet ganz kloer dran, wat d'Autorisations de bâtir woren, wat d'Logements achevés woren. An ech mengen, Dir sot och, datt dat, wat de Statec erhieft, dat ass jo awer opgrond vun den Akten, déi effektiv vun Notaire kommen, soudatt do awer kloer festgeschriwwen ass, wat da wierklech u Wunnenge gebaut ginn ass, respektiv wat fir eng en état d'achèvement sinn, déi dann och fest bei den Notairen aktéiert sinn, sou misst dat jo awer da réellement deene Wunnengen entsprechen, déi och gebaut gi sinn.

Eng aner Fro, déi ech nach hätt, dat wär déi: Déi Suen, déi am Kader vum Pacte Logement investéiert gi sinn, déi 200 Milliounen, op déi ech virrun och verweisen hunn, an ech mengen, dat hutt Der och eng Kéier gesot gehat, datt déi Suen, datt déi à la fin du compte awer gutt investéiert wären. Ech wollt dat just nach eng Kéier confirméiert hunn, ob déi Suen dann dee Moment awer och gutt an de Gemengen investéiert gi sinn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci. D'Madame Minister huet d'Wuert, fir ze äntwerfen.

► **Mme Maggy Nagel, Ministre du Logement.**- Här President, ech wëll nach eng Kéier dem Här Lies soen, datt ech mech un déi Chifferen halen am Kader vum Pacte Logement, déi virleie bei eis am Ministère. De Minister virrun huet sech och dorunner gehalen. A wann dat elo sech esou erausstellt, wat d'Statec fir Chifferen erausginn huet a wat fir Baugehemegungen dora sinn, tant mieux, da kënn mer um Enn vum Joer en anere Constat maachen, mir kënnen eng aner Diskussioun féieren, wéi mer dee Pacte Logement wëllen ëmänneren.

An da muss ech soen, nach eng Kéier, da si mer awer nach wäit vun deem ewech, fir wat d'Gemenge sech engagéiert hunn. Dat heescht, wéi se de Pakt ënnerschriwwen hunn, du war virgesinn, fir 52.000 Wunnengen ze bauen. Wa mer elo an der Halschent do ukomm sinn, ass et scho ganz gutt, mä et kéint nach besser ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci. Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Eis nächst Sätzungswoch ass déi vum 3., 4. a 5. Juni. An der Zwëschenzäit gëtt vill an de Kommissiounen geschafft, fir dass mer esou vill wéi méiglech um Ordre du jour hunn.

Dat gesot ass eis Sätzungs ofgeschloss.

Ech soen lech Merci.

(Fin de la séance publique à 18.49 heures)